***Déi läscht 25 Jar…***

Virun 25 Jar hu mer de Cinquantenaire vum FC Jeunesse Biwer gefeiert. Am Comité vum Veräin waren an der Saison 88/89 folgend Leit:

Félix Kieffer (President), Jos. Schmit a Jos. Konsbruck (Vize-Presidenten), Fernand Konsbruck (Sekretär), Ernest Santer (Caissier), François Franzen, Emile Hoffmann, Emile Kalmes, Armand Rech, Gilbert Schons a Raymond Weicker (Memberen)

Am Supporter-Club ''Allez déi Gréng'' waren folgend Leit: René Portz (President a Grënnungsmember), Marcel Hurt (Sekretär), Michel Eifler (Caissier a Grënnungsmember), Robert Dondelinger, Victor Selleslag, Emile Stoos an Albert Trombini (Memberen).

Wéi ech d'Nimm vun all dësen Persounen an der Brochure vum 50$^{e}$ Anniversaire gelies hunn, war mir kloer, datt si och an dësem Historique sollten ernimmt ginn. Si a vill anerer hunn sech ëmmer staark mam Biwer Fussball identifizéiert an hunn de Veräin während Jarzéngten an der Riicht gehalen.

Dat selwecht gëllt fir eng Rei Spiller, well déi meescht vun hinnen och duerno nach eng wichteg Roll am Veräin spillen.

An der memorabler Saison 1975/76, wou den FC JEUNESSE Champion an der 3. Divisioun gëtt, geléngt hinnen e formidabele Parcours an der Coupe de Luxembourg. Housen, Cruchten, Bissen, Wasserbëlleg, Chiers an d'Fola gi geklappt an an der Véirelsfinal ass dann Dikrech ze staark fir eis Equipe. Deemools hu gespillt : Abbes Trombini, Fritz Schiltz, René Gaspar, Raimund Schuster, Emile Hoffmann, Marcel Stocklausen (Spillertrainer vun 1975-1980), Raymond Weicker, Marcel Sauber, Roby Weis, Rudy Steffen, Gilbert Schons, Fernand Poos, Armand Bichler, Raymond Trombini a René Speller (Ersatz-Goalkeep).

De Spillsystem war 4 – 3 – 3, wat een sech haut guer net méi virstelle kann.

De Roby Weis vu Wecker huet fir den FC Jeunesse Biwer mat Ofstand déi meeschte Matcher gespillt, knapps iwwer 1000. Hien huet, bis op 1 Jar zu Bëlleg, nëmmen zu Biwer gekickt.

Hanner dem Robbes ass et dann den Abbes Trombini mat iwwer 800 Matcher. Esou Leeschtungen verdénge Respekt.

Den Numm Trombini taucht an engem Historique vum Biwer Fussball ëmmer erëm op:

De René war am Comité. De Charel, Raymond, Abbes, Roby, Romain, Carlo a Jérôme hu fir de Biwer Fussball gespillt. Bei ville Matcher stoungen alt véier "Trombinien" um Terrain. Den Abbes huet am Goal gespillt an herno och nach am Stuerm. Hie war am Comité an am Supporterclub aktiv an huet och nach ëmmer fir gutt Stëmmung gesuergt.

De Marcel Sauber an de Raymond Weicker waren zwee excellent Fussballspiller.

Ech ernimmen si hei, well ech e klengt Kapitel Arbitrage wëll opmaachen. De Veräin hat ëmmer Arbitteren an senge Reien, den Toni De Tomaso, Armand Rech, Marcel Hurt, Emile Kalmes, Fons Goerend, Marcel Sauber, Francis Crelo a Raymond Weicker.

Den Emile Kalmes, laangjäregen Biwer Buergermeeschter vun 1982-1994, huet och am F.C. Jeunesse 15 Jar laang Fussball gespillt. Duerno war hien Arbitter vun 1966–1985 an huet am ganzen 657 Matcher fir de Veräin gepaff. Hien ass bis haut en treie Supporter vum Biwer Fussball a sëtzt nach regelméisseg sonndes op der Tribün.

De Marcel Sauber war vun 1978 bis 1995 Arbitter an huet 754 Matcher arbitréiert bis erop an d’Nationaldivisioun.

De Francis Crelo war Arbitter vun 1993 un an FIFA-Assistent während 10 Joer vun 1999-2009, wou hien beim Alain Hamer op der Linn stoung. Hien huet 1002 Matcher op der Lee.

A last but not least, de Raymond Weicker.

De Raym., e Stackbiwer war e fantasteschen Fussballist a Féierungsspiller um Terrain. Hie war béidféisseg an hat e Bommenschoss! Mat senge Qualitéiten hätt hien an all Nationaldivisiounsveräin kënne spillen. Hien huet sech awer 1983 fir eng Arbitteschcarrière decidéiert. Jiddereen, deen de Raym. kennt, wosst datt hien et do wäit géif bréngen. Als Arbitter vun 1983 bis 2003, huet hien mat Präsenz an Autoritéit, ouni dobäi awer iwwerhieflech ze sinn, op héchstem Niveau gepaff. International war hien FIFA-Assistent vun 1992–1998, op der Linn beim Roger Philippi. Am ganzen huet hien 1375 Matcher gepaff an iwwerwaacht. De Raym. ass haut nach fir d'FLF aktiv. Deemno eng exemplaresch Carrière am Déngscht vum Lëtzebuerger Fussball !

Zënter e puer Joer hu mir leider keen Arbitter méi.

1980 hu mir den Francis Hauer vum CSGrevenmacher als Spillertrainer engagéiert. Mir haten do eng gutt Mëschung vu gudden an erfuerene Spiller a jonke Borschten, déi nach Junior waren. De Fränz war ëmmer super motivéiert an engagéiert. Hier war e Glécksgrëff als Spillertrainer a Goalgetter. Ënnert senger Regie si mer 1981/82 Champion ginn an erëm an déi 1. Divisioun geklomm, wou mer eng phantastesch Saison gemaach hunn an dräi Matcher viru Schluss op der 3. Plaz stoungen. Déi dräi lescht Matcher hu mer dunn verluer a si 5. ginn.

Mir haten et bal gepackt an d’Eierepromotioun ze steigen, sinn awer dunn 1983/84 nees eraus gefall.

Am Goal stoung e grousse, jonke Biwer Jong, den Nico Konsbruck, den dunn 1983 op Gréiwemaacher gaangen ass. Hie war laangjärege Keeper beim CSG, duerno nach zu Beggen an zu Hesper. Hie war och an de Kaderen vun der FLF an huet am ganzen 329 Asätz an der Nationaldivisioun.

Den Nico huet eng phantastesch Carrière gemaach an war all déi Jaren ënnert deene dräi beschten Goalkeeper am Land.Hien ass ëmmer mat zwee Féiss um Buedem bliwwen an huet bis haut seng Kollegen zu Biwer.

An den 80er Jaren gouf fir d’Reservequipen e separaten Championnat agefouert.

1985 ass de Marcel Bamberg Spillertrainer ginn. Et war seng éischt Trainerplatz. Mir haten um Terrain e *Kibitz*, eng *Maus* an e *Kueder* an dunn hu mer och nach de *Bambi* als Trainer kritt.

Beim Marcel huet een direkt gemierkt, datt hien Trainerschoul absolvéiert hat. Mir hunn hien desöfteren zur Verzweiflung bruecht, wann mer virum Training vun 30 Meter op de Goal geschoss hunn.De Marcel huet super Traininger gemaach an et ware bal ëmmer iwwer drësseg Leit um Training.

Fir dierfen 2. Equipe ze spillen, huet ee missen zwee Mol an der Woch trainéieren. Et war eng super Ambiance am Veräin. Eis 2. Equipe hat deemno och groussen Erfolleg.

1985/86 sinn sie Champion an der 2. Klass ginn an hunn an der 1. Klass géint folgend Equipen gespillt : AS DEIFFERDENG - JEUNESSE ESCH – CS GREVENMACHER – FOLA - US DIDDELENG - HESPER – ETZELLA – UNION – BEGGEN – NIDDERKUER - ARIS.

Dat klengt komesch, mee dat war awer esou.

Dat 1. Joer ware mer 9. , am 2. Joer si mer 8. ginn fir am drëtte Jar 11. ze ginn an eraus ze falen.

De Marcel ass zwar net mat der 1. Equipe gestigen, mä et waren dräi flott Jaren, wou mer och vill Béier zesumme gedronk hunn. Am Ufank huet de Mars sech zwar nach zeréck gehalen. Hien huet och net verstan, wéi ee konnt bis 3 Auer moies hänke bleiwen, wann een 2:0 verluer hat. Mä herno huet hien awer gutt matgehalen. Ech mengen awer, dat et och fir hien eng schéin Zäit war, wou hien vill geléiert huet fir seng Trainercarrière.

Wéi hien fortgaangen ass, huet hien mir eng Kéier gesot, dat Biwer a Berbuerg eng Fusioun misste maachen, soss géif dat ni eppes ginn. Abee Marcel, den Ufank ass no drësseg Joer gemaach, mir hunn an der Saison 2014/15 e Berbricher Jong als Trainer, de Pol Crelo.

No eelef Joer an der 2. Divisioun steige mer dann mam Spillertrainer Rich. Thill vu Wuermer an d’éischt Divisioun, fir dat Joer drop erëm erauszefalen. Dat war awer absolut net néideg, well mir haten och do eng ganz gutt Equipe an eng gutt Stëmmung.

Mir bleiwen dann déi folgend Jaren an der 2. Divisioun, ëmmer esou am Mëttelfeld vun der Tabell.

Am Jugendberäich ware mir an den 90er Jaren schlecht drun . Ënnert der Initiativ vum Guy Fürpass ginn an der Gemeng am Oktober 1996 Ziedelen verdeelt, fir d’Bouwen fir de Fussball ze begeeschteren. 1997 gëtt dunn eng Jugendkommissioun gegrënnt mat engem Comité vu 15 Leit : 10 Dammen a 5 Hären. Vun do un huet den FC JEUNESSE erëm Jugendequipen.

Den 1. Juni 2000 ass deen éischten Christi Himmelfaartstournoi fir Jugendequipen zu Biwer gespillt ginn. 2001 huet de Wim Heuker dunn d’Rudder vun der Jugendkommissioun iwwerholl. Leider ass se 2007 opgeléist ginn.

Trotzdem huet den FC Biwer an de folgende Jaren ëmmer Jugendequipen op d'Been gestallt.

Wéi dat an deene klenge Veraïner meeschtens de Fall ass, hu mer genuch Pupilles a Poussins. Bei de Minimes, Scolaires a Cadets ginn dann Ententen mat virun allem Berbourg, awer och Jonglenster a Maacher gemaach.

Et wier fir jiddereen méi einfach a flott, wann d'Bouwen ëmmer an hirem Stammveräin spille kéinten, mä leider ass dat jo awer an deene méi klenge Gemengen dann ab der Kategorie Minimes praktesch net méi méiglech. D'Ententen am Jugendberäich sinn net a Fro ze stellen, mee et muss een sech awer agestoen, datt trotzdem ze vill Bouwen mam Fussball ophalen.

Um Terrain an an de Vestiairen ass et ëmmer méi enk ginn a mir hunn en 2. Terrain gebraucht, deen dann och vun den Gemengeverantwortlechen genehmegt gouf, an 2004 ageweit ginn ass.

An der Saison 2006/07 hu mer den Numm vum *FC JEUNESSE BIWER* erëm an der Press gelies. Am Championnat si mer an der Mëtt op der 7.Plaz, mä mam Trainerduo Thomas Richter a Marc Nies hu mer erëm an der Coupe matgemëscht : *GILSDORF – SCHULLER – RODANGE – ELWEN – UEWERKUER* an erëm war et an der Véirelsfinal Schluss.

Mir hu virun enger schéiner Kuliss vun Zuschauer den 1. Mee 2007 no Eelefmeterschéissen géint KÄRJHENG verluer .

Gespillt hunn Steve Birtz, Tom Moschtert, Sergio Marques, Guy Gaffinet, Luss Klückmann, Romain Trombini, Christian Weis, Thomas Richter, Haxhe Shala, José Ferreira, Jeff Feller, Tom Heuker, Chris Zeimet, Jeff Moschtert a Muri Razzak . Am Goal stoung den Serge Meyer .

De Serge ass am Juli 1987 vun der *ARIS* iwwer Lëntgen op Biwer komm, huet all déi Jaren excellent am Goal gespillt an hien war President vum FC JEUNESSE BIWER vun 1995 bis 2009.

Wou mer elo schonn vu Presidente schwätzen, erlaben ech mer och nach 2 Leit ze ernimmen : De Georges Hurt an den Felix Kieffer.

De Georges war laangjäregen Buergermeeschter an Deputéierten an den 60er a 70er Jaren, mä hien war och President vum FC JEUNESSE vun 1951 bis 1964 a vu 1966 bis 1974, am ganzen iwwert 20 Jar. Esouguer Trainer war hien vun 1946-1947 a vun 1951-1953. De Biwer Futtball an d'Gemeng verdanken him ganz vill, ënner anerem och de Sportkomplex.

De Felix Kieffer war Caissier vun 1952-1985, während 33 Joer, an duerno nach President vun 1985 bis 1989. Hien huet ëmmer selwer gesot, dat hien näischt vu Fussball géing verstoen, mä hien war ëmmer um Terrain mat senger Posch ëm d'Schëller a mam Beret op der Kopp. Hien hat och ëmmer Ficellen an der Paltongstäsch fir d'Netzer vun den Goaler nach virum Match ze flecken. Wa soss keen do war, huet hien d'Stiwwelen ugedoen an och nach den Terrain gezeechent.

Einfach e feine, léiwe Mënsch op deen een sech verloosse konnt !

Eng wichteg Roll huet awer och de Supporter-Club « Allez déi Gréng » gespillt.

Et waren de Michel Eifler an de René Portz, déi den Supporterclub den 8. September 1967 gegrënnt haten, matt Sëtz am Café Poos zu Wecker. De Supporterclub huet all déi Joeren d'Buvette gemaach, Pronostiken verkaaft a Baler organiséiert fir esou all Jar dem Stammveräin zwëschent 100.000 an 150.000 Frang ze iwwerreechen. Sonndes nom Match sinn d'Spiller geschlossen mam Supporterclub an déi verschidde Caféen an der Gemeng een huele gaangen, fir duerno beim Vic. zu Biwer oder beim Anny zu Wecker ze landen.

Nom Eiflesch Misch an dem Portze Ren. huet de Vic. Selleslag d'Presidentschaft vum Supporterclub iwwerholl. De Vic. huet an all Generalversammlung en Opruff gemaach fir nei Leit an de Comité ze kréien. En huet awer ee Feeler gemaach, well en huet ëmmer gesot, et wier fir ze schaffen. Dann huet keen sech gemellt.

2004 waren se no 37 Joer nach zu véier am Comité, de Selleslag Vic., den Hurte Marcel, de Müller Arm. an d'Andrée Lacroix-Trombini an si hunn decidéiert opzehalen, leider! Deemno hu mer keng Jugendkommissioun a kee Supporterclub méi. Dat bedeit, datt de Comité vum Veräin déi Aarbecht muss matmaachen, a vill Stonnen um Fussballterrain verbréngt.

An engem Veräinsliewen ginn et awer net nëmmen flott Momenter. Ech well un e puer Spiller erënneren, déi net méi ënnert eis sinn :

Den Arsène Weis huet eis am Oktober 2005 vill ze fréi verlooss. Hie war en exzellente Fussballer, deen zu Biwer an och op der Stade gespillt huet.

De Luc Bichler ass den 6. Januar 2001 duerch en tragescht Accident am Alter vun 20 Joer gestuerwen. De Luc war e jonken, talentéierten Fussballspiller, e Biwer Jong an e richteg feine Kärel.

Säi Papp, den Armand*,* huet ons 2 Joer duerno am Alter vun 48 Joer fir ëmmer verlooss. De Muck war um Terrain ee vu menge beschte Kollegen an och nom Match si mer ganz oft net ganz fréi heem gaangen, op gewonn oder verluer !

Ee Mann, deen och ëmmer derbäi war, wann iwwert de Biwer Fussball philosophéiert ginn ass, war de Fernand Konsbruck. Wann ee Mann et verdéngt gehat hätt, fir matt sengem Veraïn 75 Joer esou richteg ze feieren, dann ass dat de Fernand. Leider huet hien is dëst Jor, den 2. Mäerz fir ëmmer verlooss….

Ech hunn de Fernand 35 Jar laang kannt. Hien war mäi Scolaires- a Juniorstrainer. Ech ka mech nach gutt erënneren, wa mir op Matcher gefuer sinn zesumme mam Jos. Schmit, Josy Bichler, Jos. Konsbruck, Gilbert Schons, René Trombini, René Gaspar a villen aneren. De Fernand hat eis Bouwen gutt am Grëff an hien huet eis d'*Einmaleins* vum Fussball bäibruecht.

Member zënter 1955 huet hien selwer vill Jaren zu Biwer gespillt, als Stiermer op der Band. No senger aktiver Zäit huet hien d'2.Equipe während méi wéi zéng Joer gecoacht

bis an d'Jar 1999. Hien war och Caissier, mais virun allem méi ewéi fënnefanzwanzeg Jar Sekretär ! An de leschten zwanzeg Jar sinn zu Biwer net vill Matcher gespillt ginn, wou de Fernand net de Fändel op der Linn am Grapp hat. Hien huet all déi Jaren de Bou doheem op der Schreifmaschinn geschriwwen an d'Equipenopstellungen an de Caféen an am Reider opgehangen.

Ech hu mat him Traineren engagéiert, Spiller transferéiert an zesummen mam Fernand hu mir an all deeër Zäit stonnelaang beim Comptoir iwwert de Biwer Fussball philosophéiert a méi ewéi eng Kéier d'Zäit vergeess. Spéitstens wann de Fernand *Mäi Gott a mäin Här* gejaut huet, da wosst all Spiller, wat hien vun onsem Gespills gehalen huet.

D'Definitioun vum ''Bénévole méritant'' seet Folgendes : *"Il sert d'exemple à tous les membres du club. Il est connu et reconnu par tous comme étant un pilier du club.''*

De Fernand war während méi ewéi 50 Jar de Pilier vum *Biwer Foussball*.

Fir ofzeschléissen, nach e kuerze Reckbleck op déi lescht Jaren.

Vun 2007 bis 2012 war de Steve Birtz Spillertrainer. 2008 si mer ongllécklech erausgefall an déi zwou folgend Saisonen hu mer an der 3. Divisioun gespillt fir 2010 erëm an 2. Divisioun ze klammen.

Den 31. Januar 2011 ass de Club eng Asbl ginn.

2012 hu mer vun der Gemeng Containeren op den 2. Terrain kritt, wat ons villes erliichtert betreffend Vestiairen a Buvette fir d'Jugend.

An der Saison 2012/13 ass ons 1. Equipe nëmmen op der 9. Plaz gelant, mais eis 2. Equipe war Champion an ass gestigen.

Eppes war awer absolut erfreelech. Den FC JEUNESSE huet sengem Numm all Éier gemaach an huet an der Saison 2012/13 mat véier eegene Jugendequipen gespillt : Pupilles, Poussins, Minimes a Cadets. Eng 70 Jugendspiller hunn eis op Trapp gehalen.

Ronn 60 Senioren, dorënner och eng ganz aktiv Härenequipe spillen zu Biwer Fussball.

Vu Méindes bis Sonndes ass op deenen 2 Terrainen praktesch all Dag eppes lass.

Am Moment hu mir eng Poussins- an eng Minimesequipe zesumme matt Berbourg. Eng zéng Scolaires a Cadets spillen an Ententesequipen zu Berbourg a Maacher.

Zenter dem 1. August 2012 bis elo hu mer den 3. *Seniors*-Trainer. Dat ass fir Biwer Verhältnisser ongewéinlech, mais mam Pol Crelo als Trainer, ënnerstëtzt vum Armand Rech, hu mer erëm Rou an de Veräin kritt. Matt der 1. Equipe geet et nees biergop.

An éiser 1. an 2. Equipe spillen den Ament vill Jongen, déi aus der Biwer Gemeng sinn, déi aner kommen aus der direkter Emgéigend. D'Altersmoyenne läit bei 22 Jar.

Mir wëssen alleguer dat et net ëmmer einfach ass, d'Jugend bei der Staang ze halen. De Paul Philipp gëtt net midd, op all Kongress de Veraïner an d'Gewëssen ze rieden, op déi eegen Jugend ze bauen an duerch de Sport och nach Wäerter ze vermëttelen ewéi Éiergäiz, Respekt, Toleranz a Fair-play.

Apropos Fair-play : de Biwer Fussball huet vun 2006-2010 dräi Mol d' *Trophée Fair-play* an der entspriechender Divisioun gewonnen.

Datt anscheinend eng Rei vu Veräiner, op décker oder klenger, finanziell net gutt dru sinn, ass dach bedenklech. Den FC Biwer huet gesond Finanzen. Wat mir awer alleguer e bësschen vermëssen, sinn Matcher géint Nopeschveräiner, déi sou genannten Derbyen. Dat wier fir jiddereen, op Spiller, Comité oder Zuschauer nach méi flott.

Den FC Biwer ass zwar en typeschen 2. Divisiounsveräin, mä mir missten et awer nees fäerdeg bréngen, uewen an der 2. Divisioun matzespillen, wat fir all Bedeelegt en zousätzlechen Challenge wier.

Mol erëm eng Kéier an d'1. Divisioun ze klammen, wier natierlech d'Kiischt um Kuch.

Wann een mam Foussball vläicht net esouvill um Hutt huet, kéint een sech froen, wat de Biwer Fussball an deene leschten zéng Jar esou Opweises hat. Esou e Fussballveräin kascht d'Gemeng jo awer och vill Suen, Terrain'en mussen an der Rei gehale ginn, d'Luuchten, déi owes brennen asw. Meng Äntwert wier, datt den FC JEUNESSE BIWER et engen honnert Kanner, Jugendlechen an Erwuessenen erméiglecht, siwen Deeg an der Woch organiséiert an engem Veräin Fussball ze spillen a Sport ze maachen. Vläicht net méi, mee awer sécher och net manner !

G. Bruck